PATIENTE VERTRIEDUNG
ASBL

Lëtzebuerg, 8. Abrell 2021

**<u>Pressematdeelung bezunn op d'Impfphase 4:</u>**

Impfung fir Vulnerabel Leit ? Jo, awer anscheinend nëmmen wann den Dokter dann well...

Wann Dir als vulnerabel Persoun an d'Phas 4 faalt, da kontaktéiert Ären Dokter, dass hien Iech op d'Impflëscht fir vulnerabel Leit aschreiwe kann!

Dess Informatioun kennt vum Ministère de la Santé, leider mellen sech awer ëmmer méi veronséchert Patienten bei der Patiente Vertriedung Asbl, déi zwar hiren Dokter kontaktéiert hunn, vun deem se awer net ob déi entspriechend Lescht agedroen gi sinn!

Dëst ass an den Aen vun der Patiente Vertriedung ondrobar!

Dofir mëscht d'Patiente Vertriedung den Appell un d'AMMD, den Dokteren nach eng Kéier ze rappelléieren, dass Sie dem Patient mussen zur Säit stoen an déi entspriechend Demarchen fir den Patient musse maachen.

Ouni dess Cooperation bleiwen vill vulnerabel Leit, déi sech elo weit iwwert ee Joer grouss Suergen em hir Gesondheet maachen, nach méi laang ob der Streck an dëst ass schlichtweg inakzeptabel!

Donieft fuerdert d'Patiente Vertriedung Asbl och de Ministère ob eng kloer Richtlinn ze veröffentlechen wei dei vulnerabel Leit kenne virgoen, wann hiren Dokter sech weigert Sie ob d'Lescht ze setzen.

Gären kënnen sech des Patienten och bei ons mëllen an mir leeden hir Doléancen un den Ministère vun der Santé weider!

1B, rue Thomas Edison L-1445 Strassen
Tél. 49 14 57 - 1 Fax 49 14 58
CCPL LU 02 1111 1249 7236 0000
BGLL LU 67 0030
www.patientevertriedung.lu